LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, des Solidarités,
du Vivre ensemble et de l'Accueil

Äntwert vum Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil, Max Hahn op d'parlamentaresch Fro n°3332 vum honorabelen Deputéierten Dan Hardy iwwer **d'Aktivitéite vu Respect.lu**

1. *Op wéi enger objektiver Basis ka Respect.lu, a konkret d'Responsabel vun där Organisatioun, en Inhalt op Social Media als "misogyn" bezeechnen?*

De „Centre contre la radicalisation – respect.lu" leescht mat sengem Asaz géint d'Radikaliséierung an d'Gefor, déi vun extreemen Tendenze fir eis Gesellschaft an en harmonescht a respektvollt Zesummeliewen ausgeet, eng immens wichteg Aarbecht, besonnesch an dësen Zäiten.

Et besteet net de geréngsten Zweifel iwwer d'Erfarung an d'Expertis vun der Direktesch vu „respect.lu", fir qualifizéiert Aussoen iwwer hiren Aktivitéitsberäich ze maachen.

Fir weider Informatioune iwwert d'Missioune vun respect.lu, verweisen ech op de Site www.respect.lu.

Fir weider Informatiounen iwwer d'Definitioune vu Misogynie a Sexismus, verweisen ech op de Site www.stopsexism.lu.

2. *Wéi kann de Ministère garantéieren, datt d'Subventiounen, déi u Respect.lu bezuelt ginn, ausschliisslech fir d'Präventioun vu gewaltsamer Radikaliséierung benotzt ginn, a net fir aner Zwecker?*

Ewéi bei all Partner, deen eng Konvetioun mam Familljeministère huet, sinn d'Aufgaben a Missiounen an dëser schrëftlech festgehal. Iwwer déi järlech Decompten gëtt ganz genee kontrolléiert fir wéi eng Zwecker déi iwwerwise Suen gebraucht goufen.

3. *Ass den Här Minister sech bewosst, datt verschidden Aussoen, déi an dësem Kontext vun enger staatlech subventionéierter Organisatioun gemaach ginn, zur Stigmatiséierung vun enger ganzer Rei vu jonke Männer bäidroe kënnen?*

Fraefeindlech Aussoen an Inhalter sinn an enger oppener, demokratescher Gesellschaft net ze toleréieren. Misogynie normaliséiert Entmënschlechung an ass en zentrale Mechanismus vu Radikaliséierungsprozesser. Wann ee Sexismus beim Numm nennt, huet dat näischt mat Stigmatiséierung ze dinn.

Am Géigendeel ass et d'Aufgab vu „respect.lu" matzewierken, dass grad jonk Männer net duerch misogyne Contenu radikaliséiert ginn, respektiv betraffe Persoune bei hirer Deradikalisatioun z'ënnerstëtzen an ze begleeden.

Lëtzebuerg, den 20. Januar 2026

Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil

(s.) Max Hahn